N°4446
Entrée le 14.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 14. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Den 1. Februar 2023 ass dat neit Gesetz iwwer de "congé culturel" a Kraaft getrueden.

Am Kader vun der Debatt vum entspriechende Gesetzesprojet 7948, hat d'Chamber d'Regierung an enger Motioun opgefuerdert "no dräi Joer eng Evaluatioun vun dësem Gesetz am Hibléck op seng praktesch Ëmsetzung ze realiséieren". An der Tëschenzäit misst d'Regierung des Evaluatioun realiséiert hunn.

An dem Kontext wéilte mir follgend Froe stellen:

- Läit dës Evaluatioun an der Tëschenzäit vir?
- Wat si gegeebenenfalls d'Resultater dovun?
- Sollt déi Evaluatioun nach net virleien, wat sinn d'Ursaachen dofir?
- Wéini gedenkt d'Regierung der Opfuederung vun der Chamber nozekommen?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
**Deputéierten**

Georges Engel
**Deputéierten**



Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu